N°2073
Entrée le 14.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2073 vum éierbaren Deputéierten Jeff Boonen**

- **Besteet e Lien tëschent dem MKS-Fall an Däitschland an dem rezente Fall an Ungarn?**
  Neen, dee Sérotype, deen an Däitschland detektéiert gouf, zirkuléiert momentan an der Türkei, an de Sérotype an Ungarn ass praktesch identesch matt deem, deen 2017 a Pakistan detektéiert gouf.

- **Ass d'Origine vum Fall an Ungarn bekannt?**
  Neen, bis elo konnt net festgestallt ginn wéi dee Virus do an de Betrib era komm ass.

- **Wéi eng Mesure sinn an Ungarn ergraff ginn?**
  D'Reegelen, déi am Fall vun der Detektioun vum MKS-Virus ze applizéieren sinn, stinn an der europäescher Reglementatioun, der sougenannter „Loi santé animale". Des begräift ënner anerem en zäitweilegt Transportverbuet vun MKS-sensibelen Déieren (Ranner, Schwäin, Schof a Geessen) an Ausweisung vu Sperr- an Iwwerwaachungszonen.

- **Sinn Déieren aus Ungarn op Lëtzebuerg importéiert ginn?**
  Neen, 2025 si keng Déieren aus Ungarn op Lëtzbeurg importéiert ginn. An an eiser Datebank ass keen Déier matt Origin „Ungarn".

- **Setzt d'Regierung präventiv Moossnamen a Kraaft, fir de Véibestand hei zu Lëtzebuerg géint MKS ze schützen?**
  Als präventiv Moossnam gëlt hei haaptsächlech d'Biosécherheet ob eise landwirtschaftleche Betriber, d. h. all Moossnamen, déi solle verhënneren, dass eng Krankheet an e Betrib era kënnt respektiv sech an engem Betrib ausbreet.
  Fir des Moossnamen ze iwwerpréiwen huet de Ministère zesumme matt der Landwirtschaftskammer en Outil, de Biocheck, agefouert, deen et den Déierenhalter an Zesummenaarbecht matt hirem Veterinär erlaabt, d'Biosecherheet vum Betrib ze evaluéieren an eventuell Schwaachstellen ze behiewen. Déi präventiv Impfung géint d'MKS ass an der EU verbueden.

Lëtzebuerg, den 14. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN